

D'Urgence vun den Problem vun den Sans Abri.

Här Staatsminister, Här Bettel,

Den Groupe Neiwahlen stellt eng Fuerderung un Regierung:

D'Urgence vun den Problemer vun Lëtzebuenger Bierger déi leider zu den sougenannten Sans Abri zielen ze respektéieren.

Mir fuerderen dat den Lëtzebuenger Staat, eis Regierung op:

Direkt an ouni weider Verzögerung eng Adresse ze creéieren déi Sans Abri bei hiren Administrativen Weeër kennen uginn.

Déi Adresse soll an kann benotzt ginn:

Fir sech bei der ADEM anzeschreiwen esou dass Sans Abri den Aarbechtsmaart zu Verfügung stinn an och krankeverséichert sinn.

Fir den RMG unzufroen oder soss Sozial laaschten déi den Lëtzebuenger Bierger laut Gesetz an Verfassung zoustinn.

Am Fall vum enger positiver Beuerteelung vum RMG dofir ze suergen dat Sans Abri am Kader vum RMG eng Aarbecht ze besuergen fir Léit erëm un d'Aarbechtswelt ze winnen an domat och en Deel vun Houfert erëm ze ginn een wichtegen Deel vun eiser Gesellschaft se sinn.

Déi néideg Zuel vun Assistance Socialen zu Verfügung ze stellen fir den Sans Abri bei den Administrativen Weeër ze hëllefen, an och en Bureau wou Léit hir Post kennen ofhuelen an ebenfalls bei Administrativer Post sech déi kennen erklären loossen.

Bei der Sich vun engem Zëmmer oder Wunneng ze hëllefen, och mat Annoncen un Bierger appelléieren Zëmmer zu Verfügung ze stellen an deene Léit den Loyer esou ze garantéieren dass den Staat deen direkt iwwert den RMG bezilt.

Mir denken dat esou den Problem net a senger Wuerzel kann geléist ginn, awer sinn der Meenung dat jiddereen eng zweet Chance verdéngt huet deen wëlles ass sech hëllefen ze loossen an deen sech erëm well an Gesellschaft integréieren.

Mir soen elo schonn vill mools Merci fir är Gedold an ären Interessi désen Bréif gelies ze hunn an sinn iwwerzeegt dovun dass dir genau esou iwwerzeegt sidd wéi mir dat endlech eppes muss ënnerholl ginn wat einfach ze vill laang schleefen gelooss ginn ass.

Fir den Groupe Neiwahlen an mat groussem Respekt

Nadia, Mireille, Vivi, Daniel